LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 02 AVR. 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:36, 02/04/2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3768 du 4 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la sécurité aérienne, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Ufro n° 3768 vum 4 Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Sécurité aérienne"**

**1) Wéi eng konkret Mängel goufen an dem Avis vun der DAC genannt?**

Den Audit huet sech besonnesch op d'Reglementer (CE) n° 552/2004 an (EU) 2018/1139 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 10. Mäerz 2004 iwwer d'Interoperabilitéit vum europäesche Loftverkéiersnetz ("règlement sur l'interopérabilité") fokusséiert. D'Net-Konformitéit vum Niveau 1, déi d'DAC festgestallt hat, betrëfft Dokumenter wéi Iwwerpréiwungserklärungen oder Konformitéitsmatricen, déi net vollstänneg konform mat dësen europäesche Reglementer waren.

**2) D' ANA huet bis zum Enn vum Joer Zäit fir sämtlech Mängel ze redresséieren: wéi ass den aktuelle Stand vun der Ëmsetzung? Kann dësen Delai agehal ginn?**

An den Deeg nom Audit gouf der DAC en korrektiven Aktiounsplang, deen aus e puer Etappe besteet, zur Verfügung gestallt, wéi bei all Net-Konformitéit. Dëse leeft bis Enn 2021 a gouf vun der DAC guttgeheescht. E besteet aus der Iwwerschaffung vun de Konformitéitsmatricen an de Iwwerpréiwungserklärungen.

Konform zu dësem Plang, sinn déi éischt Interoperabilitéisdossieren iwwerschafft a vun der ANA un d'DAC geliwwert ginn. D'ANA schafft weider aktiv un der Ëmsetzung vun de Mesuren an dëst an engem zäitleche Kader, deen ënnert den zwou Verwaltungen festgehale gouf. Dat spezialiséiert Departement vun der DAC kontrolléiert enk déi akkurat Ëmsetzung dovun, sou wéi d'Anhale vum Delai.

**3) Wéi eng Konsequenze riskéiert Lëtzebuerg schlëmmstefalls, wann des Mängel net am Délai behuewe ginn: kéint et zu enger Späerrung vum Findel an dem Lëtzebuerger Loftraum kommen?**

Aus enger operativer Perspektiv, wier déi extreemste Moossnam theoretesch e partiellt oder komplett Zoumaache vum Fluchhafen oder vum Loftraum. Sou eng Moossnam schéngt allerdéngs am Moment weder gerechtfäerdegt nach proportional.

**4) Wéi vill sou Zwëschefäll huet den Transportministère vum 1. Januar bis zum 31. Dezember 2020 registréiert?**

De Chiffer vun 1473 Tëschefäll a Relatioun mam Radar, deen an der Fro zitéiert gëtt, ass net korrekt. Des Zuel gëtt wuel am Rapport annuell 2019 vun der DAC zitéiert, mee se bezitt sech op den Total vun allen Incidenter vu sämtlechen Acteure vun der nationaler Aviatioun, onofhängeg vun hirer Ursaach oder der Plaz wou se geschitt sinn.

Am Joer 2020 huet d'DAC 24 Tëschefäll, 59 Evenementer ouni Effekt op d'Sécherheet an 9 Observatiounen opgeholl a Verbindung mam Radar oder mam Verschaffe vu Radardonnéen.

**5) Wéi vill sou Zwëschefäll huet den Transportministère vum 1. Januar 2010 bis zum 31. Dezember 2020 insgesamt registréiert?**

An der Period vun 2010-2020 huet d'DAC 69 Tëschefäll opgeholl, zousätzlech dozou 112 Evenementer ouni Effekt op d'Sécherheet an 27 Observatioune verbonne mam Radar oder mam Verschaffe vu Radardonnéen.

**6) Wéi eng Airlines waren 2020 vun deenen Zwëschefäll betraff?**

Fluchgesellschafte sinn net direkt vun dësen Tëschefäll betraff, et handelt sech em technesch Evenementer, déi d'Fluchlotse betreffen.

**7) Wéi presentéiert sech d' Opdeelung zwëschent Passagéier- a Frachtflig bäi sou Zwëschefäll fir d'Joeren 2019 an 2020?**

D'Tëschefäll impaktéiere weder Passagéier- nach Frachtflich.

**8) Wéi eng Zousazkäschte sinn 2019 an 2020 duerch sou Zwëschefäll entstan?**

Déi gemellten Evenementer féieren net zu spezifesche Käschten ausser hirer interner Veraarbechtung.

**9) Wéi hunn eis Partner vun EUROCONTROL bis lo op déi Zwëschefäll reagéiert?**

Et ass net Deel vun de Prerogativë vun Eurocontrol fir op national Eventer ze reagéieren.

No de Bestëmmunge vum Reglement (EU) 2018/1139 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 4. Juli 2018 ass et d'Verantwortung vun der Agence Européenne pour la Sécurité Aérienne (AESA) fir en héijen an eenheetleche Niveau vun der Sécherheet an der ziviller Loftfaart an der Europäescher Unioun duerch gemeinsam Sécherheetsreegelen ze garantéieren a Moossnamen unzehuelen, fir sécherzestellen datt d'Persounen an d'Organisatiounen, déi sech un den Aktivitéite vun der ziviller Loftfaart bedeelegen, dës Reegelen an der Unioun anhalen.

**10) Wéi wierke sech dës Incidenten op déi privatwirtschaftlech Reputatioun vum Findel als internationale Passagéier- a Frachtflughafen aus?**

Déi international an europäesch Reglementer fir Fluchsécherungsservicer erfuerdere Rapporte vun allen techneschen an operationellen Evenementer. Dës Rapporten erlaben eng grouss Transparenz vun den Aktivitéite fir d'Servicer ze verbesseren a sinn deemno net direkt mat der privatwirtschaftlecher Reputatioun vun engem Fluchhafen a Verbindung ze bréngen.

De Fait datt Evenementer systematesch vun der DAC, enger onofhängeger Kontrollautoritéit, an engem gereegelte Kader matgedeelt an ënnersicht ginn, erlaabt eng effikass Iwwerwaachung vu korrektiven Aktiounen. Dat ultimativ Zil ass et d'Sécherheet vun de Flich ze verbesseren.